WIDDEBIERGLAF

# WIDDEBIERGLAF

## 25. Juni 2016

## zu MENSTER beim Kulturzenter



Den Erléis geet un de **FOYER NORBERT ENSCH**
**KANNERGRUPP ROODT/SYRE**

Organisatioun : Widdebiergfrënn a.s.b.l.

FISCHER
1913
MÄI BÄCKER




FISCHER
1913

MÄI BÄCKER

www.fischer1913.com • facebook.com/fischer.1913

# À l'attaque de la montagne... pour la bonne cause !

Le traditionnel *Widdebierglaf* à Mensdorf constitue désormais un rendez-vous incontournable dans le calendrier de la Fédération Luxembourgeoise d'Athlétisme. Cette course, créée par le Club des Jeunes de Mensdorf en 1981, et ayant été très populaire jusqu'en 1993, vient d'être relancée en 2013 et nous en sommes déjà à la 4e édition, succès oblige.

Le parcours sélectif permet à toutes catégories de sportifs, des débutants jusqu'aux plus confirmés, de se mesurer entre eux et d'essayer d'améliorer leurs performances personnelles, mais présente surtout l'occasion aux participants de pratiquer dans des conditions idéales leur sport favori, en profitant d'un magnifique décor naturel.

Comme la course principale sera précédée de deux courses pour enfants, le *Widdebierglaf* constitue une excellente promotion pour la course à pied, également au niveau des jeunes.

L'objectif principal des coureurs, jeunes et moins jeunes, n'est certainement pas seulement l'aspiration à une gloire sportive ou la volonté de se surpasser, mais plutôt le goût de l'effort, voire la recherche d'une activité de détente idéale.

À l'instar des années précédentes, je fais confiance aux organisateurs et je suis sûr qu'une fois de plus le déroulement de cette manifestation sera exemplaire. De plus, je constate avec une certaine fierté que le bénéfice éventuel de cette manifestation sera versé à une œuvre de bienfaisance, à savoir le « Foyer Norbert Ensch Kannergrupp Roodt/Syre ».

Je tiens également à féliciter les organisateurs pour le dévouement avec lequel ils œuvrent dans l'intérêt de leur sport et pour le savoir-faire dont ils font preuve chaque année.

Puisse donc la 4e édition depuis la renaissance de l'événement connaître le succès qu'elle mérite et offrir aux adeptes de l'athlétisme une belle démonstration d'un sport fascinant !



**Monsieur Romain SCHNEIDER**
**Ministre des Sports**




Ihr Spezialist für Alarm- und Sicherheitssysteme in Luxemburg und in der Großregion. Professionell und zuverlässig seit mehr als 45 Jahren.

**www.loeffler.lu**

LÖFFLER®
security systems

**Niederanven** 50, rue Gabriel Lippmann T 310 555-1 **Hoscheid-Dickt** 21, rue Principale T 908 091-1




22, rue de Trèves (Fussgängerzone), 6793 Grevenmacher
Tel.: 26 74 59 84 / och op **facebook.com/eicatcher**

## Léif Sportsfrënn, léif Leeferinnen a Leefer !

Dem Berthold Brecht no fänkt de grousse Sport do un, wou e scho laang opgehal huet, gesond ze sinn.

Op de *Widdebierglaf*, deen d'*Widdebiergfrënn* dëst Joer fir déi véierte Kéier organiséieren, trëfft dat ganz gewëss net zou. Zwar geet et och hei sportlech zou, mä aner Aspekter, wéi d'Genéisse vun der schéiner Natur op a ronderëm de Widdebierg, d'Lafe fir e gudden Zweck an d'zesumme Feieren sinn awer och wichteg Bestanddeeler vun dëser flotter Manifestatioun.

D'Organisateuren hunn eng ganz Rei originell Iddien an hir Manifestatioun afléisse gelooss, Iddien, fir déi ee si nëmme begléckwënsche kann. Amplaz de Leefer ënnerwee Waasser aus Plastiksfläschen unzebidden, kënne si sech mat Waasser vun eise Widdebierger Drénkwaasserquellen erfrëschen. An op der Plaz wou de Laf fortgeet an ukënnt, kréie si Uebst aus dem fairen Handel ugebueden.

Fir op dem Brecht seng Ausso zréck ze kommen ; et muss ee sech d'Fro stellen, wat ënner groussem Sport ze verstoen ass. Sinn et déi gewalteg, fir net ze soen onmënschlech, Ustrengungen, déi d'Spëtzesportler op sech huelen, fir op Mega-Sportsmanifestatiounen, mat ëmmer neie Beschtleeschtungen op sech opmierksam ze maachen, dëst dacks op Käschte vun hirer Gesondheet ? Oder sinn et grad Manifestatioune wéi déi hei wou d'Freed un der Bewegung, de Respekt virun der Natur an d'Solidaritéit am Mëttelpunkt stinn ? Do soll jidderee sech seng eege Meenung maachen.

D'Gemeng ass op alle Fall frou, dass d'*Widdebiergfrënn* d'Traditioun vum *Widdebierglaf* - et gouf scho vun 1981 bis 1993 sou ee Laf - erëm opliewe loossen, an dat an deeër Form a mat deem Engagement dat mir kennen. Dës Manifestatioun ass e flott Aushängeschëld fir eis Gemeng a besonnesch fir d'Uertschaft Menster.

Fir d'Editioun 2016 wënschen ech den Organisateure schéint Wieder, vill Sportler um Départ an eng gutt gefëllte Keess fir hir humanitär Projeten ze finanzéieren.



**Monsieur Edgard ARENDT**
**Buergermeeschter vun der Gemeng Betzder**




**Galerie Moderne** - 4, rue Schaffmill - B.P. 38 - L-6701 Grevenmacher - Tel. 750566-1 - www.gmg.lu




13-15, rue de Godbrange | L-6118 Junglinster
Tél.: 78 03 07-1 et 78 93 04-1 | Fax: 78 92 35
e-mail: info@roboto.lu | www.roboto.lu

gamme professionnelle: ECOLAB

# Léif Leeferinnen a Leefer, léif Awunnerinnen an Awunner aus der Gemeng Betzder,

Mir freeën eis iech och dëst Joer annoncéieren ze kënnen dass mer rëm e Laf op de Widdebierg an erof organiséieren.

Mir denken dass d'Initiative fir de *Widdebierglaf* rëm opliewen ze loossen e grousse Succès ass, net nëmme bei de Leeferinnen a Leefer, mä och bei de Leit aus der Gemeng. Mir zielen och dëst Joer rëm op är Ënnerstëtzung, sief et andeems dir oder är Kanner selwer matlafen, sief et andeems der eis Leeferinnen a Leefer ënnerstëtze kommt.

Fir deem Ganze méi e lokalen "Touch" ze ginn, setze mer och dëst Joer rëm souwäit wéi méiglech op lokal Produiten an deelen och e Präis un di bescht Leeferin an de beschte Leefer aus der Gemeng aus.

Mir wollten der Gemeng och op dëser Plaz Merci soe fir di flott Initiativ fir de Parcours vum Widdebierglaf mat Schëlder ze zeechnen, sou dass jidderee sech kann zu all Moment op de Wee vun eisem Laf maachen.

Den Erléis vum Laf geet och dëst Joer rëm un e gudden Zweck, an zwar un de Foyer Norbert Ensch Kannergrupp vu Rued-Syr.

Nei ass dëst Joer d'Offer vun enger Massage fir de gudden Zweck. Eis Leeferinnen a Leefer, mä och déi, déi net matlafen, kënne sech fir e klengen Don vun engem professionnelle Kiné am Centre culturel masséiere loossen.

Mir freeën eis iech de 25. Juni zu Menster begréissen ze kënnen.

Mat sportleche Gréiss,

**De Comité
vun de Widdebiergfrënn**






75, rue Principale
L-5480 Wormeldange
**Tél. 76 01 36-1**



# Aparti s.à r.l.

APARTI

Saveurs de nos régions

Préparation de menus de fête
Plats cuisinés à emporter ou à livrer
Table d'hôte (sur réservation)

47, rue de Roodt-Syre
6933 Mensdorf
Tél: 77 92 44
www.aparti.lu



SCHLINK
domaine viticole
Machtum

SCHLINK domaine viticole Machtum

WÄISTUFF
DEISERMILL



ouvert de mercredi à dimanche

OPTIQUE
wirtz
since 1976

DIEKIRCH
GREVENMACHER
ECHTERNACH







# NEI : Massage fir de gudden Zweck

**Eng Neierung bei eisem Laf dëst Joer ass, dass mer eise Leeferinnen a Leefer, mä och deenen, déi net matgelaf sinn, d'Méiglechkeet ubidde sech vun engem professionelle Kiné masséieren ze loossen, dat géint e klengen Don fir de gudden Zweck.**

**Wann der wëllt, kënnt der iech lo schonns umellen (dat erliichtert eis d'Organisatioun), entweder :**

**iwwer Email op info@widdebierglaf.lu oder info@luxemburg.ruecken-college.de**

**oder**

**iwwer Telefon um 27 91 92 50 (Rückencollege Iwwersyren).**

# VERKÉIERSREGLEMENT
# FIR DEN DAG VUM WIDDEBIERGLAF

## Den Dag vum Laf gëlle folgend Regelen fir de Verkéier zu Menster :

À partir du **<u>24 juin 2016 de 18.00 heures jusqu'au 26 juin 2016 à 16.00 heures</u>** le stationnement est interdit sur la place derrière le centre culturel (place « Fiewesch » dans la rue du canal). Un panneau C, 18 – stationnement interdit est placé sur la place concernée.

En date du **<u>25 juin 2016</u>** les dispositions suivantes sont applicables :

À partir de **16.00 heures** jusqu'à **20.00 heures** :

- Barrée pour toute circulation (panneau C, 2a - route barrée) :
    - la « rue de l'Église » ;
    - la « rue Chaussée » ;
    - la « rue d'Uebersyren » à partir du croisement avec la « rue Chaussée » jusqu'au croisement avec la « Cité am Deich » ;
    - « Cité a Gaessent » ;
    - la « rue de Beyren » à partir du croisement avec la « rue Principale » ; jusqu'au croisement avec la « Cité a Gaessent » (à la hauteur de la maison n° 10 dans la « rue de Beyren ») ;
    - la « rue Wangert » ;
    - la « rue am Bruch » ;
    - la « rue du Moulin » ;
    - la « rue Principale » ;
- le stationnement est interdit devant la résidence n° 21 dans la « Cité a Gaessent » (panneaux C, 18 - stationnement interdit) ;
- la place devant le Centre culturel est rétrécie sur une voie de circulation, ceci à partir du croisement avec la « rue de l'Église » jusqu'au croisement avec les rues « rue de l'École / rue de la Grotte » ;

  les panneaux A, 4b (chaussée rétrécie), D, 2 (contournement obligatoire), sont placés des deux côtés de la place.
- une déviation sera signalée.

À partir de **10.00 heures** jusqu'à **01.00 heures** :

- Barrée pour toute circulation (panneau C, 2a - route barrée) :
    - la « rue du Canal »

Mir entschëllegen eis fir eventuell Onannehmlechkeeten a bieden ëm äert Verständnis.


LE
MENHIR
RESTAURANT
TÉL. 26 78 70 70
NOUS SOMMES FERMÉS
LE LUNDI ET LE SAMEDI MIDI
EMAIL : RESTO.LEMENHIR@PT.LU
WWW.LEMENHIR.LU
20, RUE PRINCIPALE
L-6925 FLAXWEILER
TÉL.: 26 78 70 70
FAX : 26 78 70 71


GROSBUSCH,
le monde des fruits et légumes frais
VISITEZ NOTRE SITE WEB
www.grosbusch.lu


ALL DAG FRËSCH FLEESCH AN WURSCHTPRODUKTER
SUCC. CARLO FRIEDEN
CLEMENT
BOUCHERIE · CHARCUTERIE · PARTY-SERVICE
Äre Metzler vun der Musel
• BOUCHERIE
• CHARCUTERIE
• PARTY-SERVICE
REMICH
4, Place du MarchÈ
Tel. 23 66 90 56
MONDORF
2, rue St-Michel
Tel. 23 66 80 35
SCHUTTRANGE
2, rue du Verger
Tel. 26 70 14 57
MIR LIWWEREN OCH HEEM!

# PROGRAMM VUM 25. JUNI 2016

| | |
|---|---|
| **vu 15.30 bis 17.30 Auer :** | Iescht Aschreiwungen a Remise vun den Dossard'en am Centre culturel |
| **17.00 Auer :** | éischte Kannerlaf vun 1 km am Duerf |
| **17.20 Auer :** | zweete Kannerlaf vun 1,4 km am Duerf |
| **18.00 Auer :** | Départ vum Haaptlaf an der rue de l'Église |
| **géint 18.30 Auer :** | Arrivée vun den éischte Coureur'en |
| **géint 19.30 Auer :** | Präisiwwerreechung |
| **20.15 Auer :** | Live-Foussballiwwerdroung a Musek |

**Iessen a Gedrénks**
**bei Départ an Arrivée !!!**


FEUERLOFT
LUXEMBOURG



Feuerloft S.à r.l.
4, rue du Château
L-5374 Munsbach

Tel. 26 71 41 70
www.feuerloft.lu

Folgen Sie uns auf Facebook:
facebook.com/feuerloft.luxembourg

# INFORMATIOUNEN ZUM LAF

## ALLGEMENGES

| | |
|---|---|
| **Datum** | Samschdes, 25. Juni 2016 |
| **Start an Zil** | Centre culturel Menster |
| **Parking** | 500m vum Départ/Arrivée bei der Syr an um Stade "Op Biirk" Menster (Foussballsterrain) |
| **Vestiairen** | Stade "Op Biirk" Menster (Foussballsterrain)<br>Gratis Navette zwëschen Zil a Vestiaire |
| **Umeldung** | Online op www.widdebierglaf.lu virum 23.Juni<br>Op der Plaz den Dag selwer tëscht 15.30 Auer a 17.30 Auer |
| **Zäitmiessung** | Mat integréiertem Chip am Dossard |
| **Ravitaillement** | Op der Streck a bei der Arrivée |
| **Nom Laf** | Präisiwwerreechung op der Plaz am Zelt<br>Live-Foussballiwwerdroung a Musek |



All weider Informatioune fannt dir op
www.widdebierglaf.lu

## Animatioun op der Streck vun der
# MENSTER MUSEK

## HAAPTLAF

| | |
|---|---|
| **Startzäit** | 18.00 Auer |
| **Streck** | 10 km |
| **Startgebühr** | 8€ (online)<br>10€ (op der Plaz den Dag selwer) |

## KANNERLEEF

### Joergäng 2010 - 2007 (ouni Klassement)

| | |
|---|---|
| **Startzäit** | 17.00 Auer |
| **Streck** | 1 km |
| **Startgebühr** | gratis |

### Joergäng 2006 - 2001 (mat Klassement)

| | |
|---|---|
| **Startzäit** | 17.20 Auer |
| **Streck** | 1,4 km |
| **Startgebühr** | gratis |

**All Kand kritt eng Medaille an e Kado vu Fairtrade !**

Den Erléis geet un de
**FOYER NORBERT ENSCH KANNERGRUPP ROODT/SYRE**

# PARCOURS VUN DER COURSE

Ëm 18 Auer fält de Startschoss fir den 10 km laange *Widdebierglaf 2016*. Den Départ ass am Zärdebierg, no bei der Kierch.

No engem flaachen Deel duerch d'Duerf, wou fir musikalesch Animatioun gesuergt ass, verloossen déi aktiv Leefer d'Uertschaft fir an enger éischter Montée de Wangert erop ze lafen.

Um Widdebierg ukomm, geet et fir d'Leefer op engem agreable Wee duerch d'Natur weider fir sech bei Kilometer 5 mat killem Waasser a frëschem Uebst ze stäerken.

Dono verfléien déi leschte Meteren duerch den erfrëschende Bësch erof op d'Arrivée an den Zärdebierg.



VAN MAURITS

Votre partenaire
immobilier

vanmaurits.lu | +352 621 198 891

exclusivité | confidentialité | flexibilité

Raiffeisen
Naturellement ma banque



**Café am Duerf**

**Mensdorf**

Jeu de quilles
Restauration sur commande
Tel. 77 00 32

voyages
emile weber
éischtklasseg reesen

Des voyages de qualité

en bus
en bateau
en avion
en train

www.emile-weber.lu



SIMON'S
PLAZA

Esso

# KANNERSÄIT

Wéi heescht d'Maskottche vum Widdebierglaf?

Du wëlls gäre wësse wéi eist Maskottchen, d'Wëllschwäin, heescht?

Da probéier emol eist Rätsel ze léisen! Kuck dir dofir dëst Bild ganz genau un.




Basile Bauer

Wéi vill Meedercher lafe mat? ☐[4] ☐ ☐ ☐

Wéi vill Leefer hunn eng Auer un? ☐ ☐[1] ☐ ☐

Wéi ee Fanger streckt d'Wëllschwäin an d'Lut? ☐[3] ☐ ☐ ☐

Wéi vill Villercher fléien um Himmel? ☐ ☐ ☐[2] ☐ ☐ ☐ ☐

D'Maskottchen heescht: ☐ ☐ ☐ ☐ Y

Wir sind umgezogen - Neuer Standort: Potaschberg

euroline
Werbetechnik

Grevenmacher
Z.I. Potaschberg
Tél. (00352) 77 05 66 1
www.euroline.lu
MADE IN LUXEMBOURG

Ruppert
Oberdonven
Ären Dépositaire
☎ 76 00 81-1 www.ruppert.lu

VOTRE AGENCE

NIEDERANVEN

Chef d'agence : Georges HEUERTZ
177, Route de Trèves L-6940 Niederanven

Tél : (+352) 4015-9390 Fax : (+352) 34 93 87 E-mail : age.nia@bcee.lu

Heures d'ouverture :
lundi au vendredi 8h30 -12h00 13h30-17h15

SPUERKEESS
Äert Liewen. Är Bank.

Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome, 1, Place de Metz, L-2954 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B 30775
**www.bcee.lu tél. (+352) 4015-1**

# SPONSEURS - DONATEURS

Garage Schmit et fils, Gréiwemaacher
Relais du Château, Betzder
Electricité Frisch, Jonglënster
Holzhaischen, Jonglënster
Osteria di Niederanven
Moes Frères sarl, Réimech
Cabinet de Kinésitherapie Simone Thill, Kanech
Café Rueder Stuff, Rued-Sir

## LÉIF LEIT

**Wann och dir wëllt eise Widdebierglaf, an domadder e gudden Zweck, ënnerstëtzen, wiere mer frou wann der eist géift en Don maachen op de Konto vun der *Widdebiergfrënn asbl*:**

**BIC: BCEELULL**

**Kontosnummer: LU62 0019 3855 8462 6000**



# KLENGE BLÉCK AN DEN ARCHIV

## DE WIDDEBIERGLAF AUS DEM JOER 1986 VUM CLUB DES JEUNES MENSTER

Mat Ausnahm vun der éischter Editioun 1981, déi de Marc Agosta dominéiert huet, stoung de Widdebierglaf am Ufank ganz am Zeeche vun 2 Fransousen: de Rémy Wolfelsperger, Vainqueur '82 a '85 (mat Streckerekord), an de Jean-Paul Didime, Vainqueur '83 a '84, konnten hiren Numm allebéid zweemol an de Palmarès aschreiwen. Och dëst Joer ware si zwee um Depart an et gouf dann och allgemeng mat enger fënnefter franséischer Victoire hannerenee gerechent. Abbé, dat war d'Rechnung ouni de Wiert gemaach, well de René Flammang, dee während der Saison schonn e puer Victoiren op der Strooss feiere konnt, huet sech zesumme mam Patrick Schanen eleng un d'Spëtzt gesat. Bei km 10 ass de Schanen dunn dem stramme Rhythmus vum Flammang net méi no komm an op der Zillinn hat de CAL-




### PALMARÈS VUM MENSTER WIDDEBIERGLAF

| Hären | | Dammen | |
|---|---|---|---|
| *1981* | *Marc Agosta* | *1981* | *Jeanny Raach* |
| *1982* | *Rémy Wolfelsperger* | *1982* | *Jeanny Raach* |
| *1983* | *Jean-Paul Didime* | *1983* | *Annick Bradtké* |
| *1984* | *Jean-Paul Didime* | *1984* | *Danielle Kaber* |
| *1985* | *Rémy Wolfelsperger* | *1985* | *Jeanny Hutmacher* |
| *1986* | *René Flammang* | *1986* | *Martine Schroeder* |
| *1987* | *Christian Combrai* | *1987* | *Maus Gantenbein* |
| *1988* | *Francis Hoeser* | *1988* | *Jeanny Mahnen* |
| *1989* | *Rémy Wolfelsperger* | *1989* | *Monique Modert* |
| *1990* | *Camille Schmit* | *1990* | *Estelle Schroeder* |
| *1991* | *Daniel Juncker* | *1991* | *Annette Jaffke* |
| *1992* | *Daniel Juncker* | *1992* | *Monique Modert* |
| *1993* | *Justin Gloden* | *1993* | *Monique Modert* |
| *2013* | *Christophe Kass* | *2013* | *Marianne Brausch* |
| *2014* | *Frank Bourgnon* | *2014* | *Tania Harpes* |
| *2015* | *Alexander Frazer* | *2015* | *Conny Lehnen* |

Athlet genau dee selwechte Chrono wéi de Wolfelsperger virun 12 Méint : 49'33''. Hie gëtt souverän Vainqueur vum Widdebierglaf 1986. Iwwer eng Minutt méi spéit kënnt de Patrick Schanen op d'Arrivée an de Camille Schmit op der drëtter Plaz hat déck 2 Minutte Retard. Enttäuschung awer fir d'Fransouse Wolfelsperger an Didime, déi op der 10. respektiv 16. Plaz agelaf sinn.

Ze notéiere bleift, dass d'Dammecourse dëst Joer méi schwaach besat war. D'Spora-Athletin Martine Schroeder hat zum Schluss d'Nues fir a konnt d'Gewënner-Coupe mat heem huelen.

Op dësem 17. August 1986 hate sech insgesamt 140 Leefer op d'Streck gemaach. 8 Athleten hunn ënnerwee Forfait erklärt.

Vun de Menster Leefer war de René Wagner als 46. alt erëm eng Kéier dee Flénksten, kuerz virum Nico Engel als 58. Dono koumen der Rei no Maurice Dondelinger (70.), Marc Arend (79.), Marcel Demoulling (98.) a Gast Wolff (129.). D'Geschwëster Valérie an David Heyman hunn d'Course als 131. an 132. ofgeschloss.

De Bilan vum Sekretär Jeannot Goergen ass dëst Joer ganz treffend ausgefall: Wéi all Jaar...

De Benefice (40.000 Lëtzebuerger Frang) gouf an enger feierlecher Zeremonie un de Centre de Réadaptation Professionnelle Ligue H.M.C. Capellen iwwerreecht.

*Quell : Brochure "30 Joer Club des Jeunes Menster"*

Club des Jeunes Mensdorf unterstützt die Ligue HMC

## 40.000 Franken für die Behinderten in Capellen

Alljährlich organisiert der Jugendclub Mensdorf einen Volkslauf, besser bekannt unter dem Namen „Widdebierglaaf zu Mënster". Diese Organisation ist stets mit einer Hauskollekte gekoppelt, der Reinerlös aus Kollekte und Volkslauf wird dann traditionell einem guten Werk zugeführt.

Am vergangenen Samstag nachmittag weilte nun eine Delegation des sympathischen Clubs in Capellen im Centre de Réadaptation, wo Club-Präsident Guy Thilges einen Scheck von 40.000 Franken an den Direktor des Zentrums, Norbert Heintz, überreichte. In einer kleinen Feierstunde bedankte der Direktor sich herzlich für die noble Geste und stand den interessierten Jugendlichen Rede und Antwort über Zweck und Funktion des Centre de Réadaptation in Capellen. mm



Direktor N. Heintz inmitten der Jugendlichen aus Mensdorf

# INTERVIEW MAM NICO ENGEL

## FRÉIERE LEEFER VUM WIDDEBIERGLAF

### Wéini war deng 1. Participatioun um *Widdebierglaf* a wéi vill Mol bass du matgelaf?

Wéi vill Mol weess ech leider net méi ganz genau. Ech hu mech ëmmer méi ëm d'Organisatioun vum Laf gekëmmert sou datt ech deementspriechend net oft konnt selwer matlafen. Ech weess awer nach datt mer dat Joer wou ech fir d'éischt matgelaf sinn d'Streck geännert hunn. Wann ech mech richteg erënnere misst dat 1982 gewiescht sinn. Am Ufank si mir jo de Kreckelsbierg erof gelaf, a well sech awer vill Leefer beschwéiert hunn dat wär ze géi an ze geféierlech si mir dunn iwwer Iwersyren zréck gelaf.

### Hues du dann eventuell déi eng oder aner Anekdot wat d'Organisatioun vu fréier betrëfft ze erzielen?

Oh, do ginn et der mat Sécherheet vill ze erzielen! Wat ech awer ni wäert vergiessen ass dat alljährlecht Gedeessems mat de Resultater. Fréier gouf et jo nach keng Computeren oder Chipmiessung, sou datt mir all eenzel Resultat mat der Schreifmaschinn hu missten androen. Bei puer honnert Leefer huet dat natierlech seng Zäit gedauert, sou datt d'Resultater alt scho mol réischt um 9 oder 10 Auer Owes fäerdeg waren. Du kanns dir virstellen datt virun allem déi Leit vum Wort net ëmmer frou mat eis woren. Déi sinn oft stonnelaang de Gank rop an rof geträppelt bis d'Resultater endlech eraus waren.

### Wéi gesäis du d'Relance vum Widdebierglaf?

Well ech jo fréier och ëmmer vill Aarbecht an d'Organisatioun vum *Widdebierglaf* investéiert hunn sinn ech wierklech ganz frou datt dëse Laf rëm organiséiert gëtt a fannen dat eng super Saach. Ech denken och datt et positiv ass, datt déi nei Streck net grad sou schwéier ass wéi fréier, well soumat eng gréisser Unzuel u Leefer ugesprach gëtt. Mä trotzdem, och wann et vläit just nach 10 km sinn an déi ganz laang Montéeën net méi dobäi sinn, sou ass d'Streck awer nach usprochsvoll. Ech denken do virun allem un de Passage wou et de Brouch erop geet!

Och wann ech selwer net méi wäert matlafen, sou sinn ech awer och dëst Joer rëm nieft der Streck dobäi an ech freeë mech schonn op den 25. Juni fir rëm déi flott Ambiance am Duerf mat ze erliewen.

# FAIRPLAY FOR FAIRTRADE

Mir bidden de Leeferinnen a Leefer op dem Parcours Uebst aus fairem Handel a frëscht Widdebierger Quellewaasser.

D'Gemeng Betzder stëft eng Corbeille mat Produit'en aus fairem a regionalem Handel fir d'Tombola an e Kado fir all Kand op der Arrivée.

Infostand zum fairen Handel op der Arrivée.

Mir sinn eng Fairtrade Gemeng

FAIRTRADE

Commune de Betzdorf



# DE WIDDEBIERGLAF 2015

Op engem neien Datum, dem 27. Juni, gouf den drëtte *Widdebierglaf* no der Relance organiséiert. Niewent deem méi spéiden Termin goufen et awer nach eng sëllechen Neierungen. Sou huet de Widdy, dat neit Maskottchen, säin Onwiese während der Course an och ronderëm gedriwwen. Hien huet ënnert anerem d'Präisser un d'Gewënner verdeelt a Louse vun der flotter Tombola verkaf. Och am kulinaresche Beräich goufen et mat der Kaffisstuff an dem Zerwéiere vun engem vegetaresche Menü zwou Neierungen. Weiderhi stoung de *Widdebierglaf*, wéi all Joer, ganz am Zeeche vun der Nohaltegkeet. Ugebuede Produiten aus der Regioun an d'Widdebierger Waasser um Ravitaillement am Bësch sinn nëmmen zwee Beispiller.

Rëm eng Kéier haten d'Organisateure vill Chance mam Wieder a sou war et och net verwonnerlech, dass sech um Punkt 18 Auer 267 Leeferinnen a Leefer op den 10km laangen a schwéiere Parcours gemaach hunn. Den Alexander Frazer bei den Hären an d'Conny Lehnen bei den Dammen hu sech direkt am Biergop un d'Spëtzt gesat, eng Féierung déi se allebéid bis op d'Arrivée net méi sollten ofginn.

Mat engem Chrono vun 43 Minutten a 7 Sekonnen gëtt d'Conny Lehnen souverän Schlussgewënnerin vun der Editioun 2015. D'Marianne Brausch, Gewënnerin 2013, huet sech misse mat der zweeter Plaz zefridde ginn, dëst eng knapp Minutt hannert der Gewënnerin an d'Claudine Heck-Gilson kënnt op di 3. Plaz.

Bei den Häre war d'Course ëm déi zweete Plaz hannert dem Alexander Frazer (Chrono: 36 Minutten an 23 Sekonnen) ganz spannend. De Manuel Herren an de „Lokalmatador" Frank Bourgnon hunn sech näischt geschenkt an et war bis zum Schluss spannend. Schlussendlech hat de Manuel Herren d'Nues vir an dem Gewënner vun 2014, dem Frank Bourgnon, blouf just di 3. Plaz.

De Streckerekord gouf net gebrach a bleift domadder weider an den Hänn vum Christophe Kass aus dem Joer 2013 (33'35'') a vum Tania Harpes aus dem Joer 2014 (40'29''). Als bescht Leeferin a Leefer aus der Gemeng Betzder kruten d'Diane Faber an de Frank Bourgnon eng Coupe vum Buergermeeschter Edgar Arendt iwwerreecht.

Niewent der Haaptcourse iwwer 10 km waren och erëm 78 Kanner iwwer 1000 m a 1400 m duerch d'Duerf aktiv. Si waren alleguer Gewënner a krute vum Widdy eng Medaille an e Kado vu Fairtrade Lëtzebuerg iwwerreecht.

Während de Leef huet d'Menster Musek op der Streck fir Stëmmung gesuergt an no der Präisiwwerreechung war et „Acoustic Message", déi mat hirem musikaleschen Optrëtt d'Leit op der Fiewesch Plaz begeeschtert hunn.

De finanzielle Bilan 2015 war duerchaus positiv. De Comité vun de Widdebiergfrënn hat all d'Benevolen, déi um Widdebierglaf eng Hand mat ugepak haten, op e flotten Owend invitéiert a konnt der Presidentin Martine Eischen vun der Associatioun „Trisomie 21" e Scheck iwwer ganzer 5.050 € iwwerreechen.

# Schéi Momenter aus dem Joer 2015...




Eist Maskottchen, de Widdy, ass virun allem bei de Kanner gutt ukomm




Start vum Haaptlaf




Scheckiwwerrechung un d'Asbl Trisomie 21



Alexander Frazer, de Gewënner bei den Hären



Conny Lehnen, Gewënnerin bei den Dammen




Präisiwwerreechung bei de Joergäng 2003-2005



D'Diane Faber, di bescht Leeferin aus der Gemeng Betzder



De Podium bei den Dammen




De Frank Bourgnon, beschte Leefer aus der Gemeng Betzder mam Widdy

Fotoen : J.-P. Engeldinger, A. Goedert, P. Hoffmann, E. Ludivig


591






570












707





# ... a weider Impressioune vum Dag
























Fotoen : J.-P. Engeldinger, A. Goedert, P. Hoffmann, E. Ludivig

DOMAINES VINSMOSELLE
LUXEMBOURG

OPTIQUE
FRIEDEN & QUINTUS

17, RUE PRINCIPALE
SANDWEILER - Tél.26 350 430
www.opti.lu

SERVICE
Jeep
PROFESSIONAL

GARAGE WEIMERSKIRCH & FILS

JUNGLINSTER
www.weimerskirch.com

# MERCI FIR D’ËNNERSTËTZUNG UN...

De Schäffen- a Gemengerot vun der Gemeng Betzder,

d‘Mataarbechter vun der Gemeng Betzder,

de Service forestier vum Widdebierg,

d‘Amicale vun de Menster Veräiner,

d’Menster Musek,

de Club des Jeunes, d’Pompjeeën an de Foussball vu Menster,

d’Klimabündniskommissioun vun der Gemeng Betzder a Fairtrade,

d’Sportskommissioun vun der Gemeng Betzder,

eis Sponseren,

all déi, déi eng Hand mat ugepak hunn oder wäerte mat upaken !

depuis 1978
Garage Schweitzer s.à r.l.
Entretien auto, Réparations mécanique et électrique,
Pneus, Passage au contrôle technique Sandweiler, ...
6a, rue de Luxembourg
L-6910 Roodt-sur-Syre
Tél: +352 77 02 70
eMail: info@schweitzer.lu
www.schweitzer.lu

